



Material:
e Bläistëft oder eng Füllfeder, e faarweg Bic, e Karosblat

MISSION WUERTFABRIK

Missioun: esouvill méiglech Wieder sichen, fir alles wat zu der gebauter Welt doheem gehéiert

1. Dëst Spill kanns du eleng maachen oder zu méi. Et kann een et och gutt zu zwee iwwert Telefon oder Videokonferenz spillen.
2. Jidderee bereet e Blat fir, mat 4 Kolonnen, eng fir Lëtzebuergesch, eng fir Franséisch, eng fir Däitsch an eng fir eng eventuell 4. Sprooch, déi dir kennt.
3. Wiel e Buschtaf fir unzefänken: zum Beispill D. (Wann der zu e puer spillt, da sicht fir d'éischt dee jéngsten e Buschtaf eraus, duerno deen 2. jéngsten asw.)
4. Jidderee sicht esouvill ewéi méiglech Wieder, déi mam Buschtaf D ufänken a schreift se an déi entspriechend Kolonn op säi Blat.



Tipp: bei all Buschtaf därerft dir maximal 5 Minutte laang sichen an dir därerft och duerch d'Wunneng goen.

5. Spillt esoulaang, bis dir mindestens 15 Buschtawen duerch hutt. Dir kënt awer och d'ganz Alphabet maachen! Mir si gespaant, op den X, den Y an den Z!
6. Fir erauszefannen, wie gewonnen huet, musst dir d'Wieder zielen, déi jidderee fonnt huet. Deen, deen déi meeschte Wieder fonnt huet ass de Gewënner!
7. Duerno kuckt dir, wien déi meeschte lëtzebuergesch Wieder fonnt huet: dat ass de Champion am Lëtzebuergesch!
8. Wien huet déi meeschte franséisch Wieder? *C'est le champion du français!*
9. Wien huet déi meeschten däitsch Wieder? *Das ist der Deutsch-Champion!*



Arnaud Hanon, Visualis

Wann dir Zougang zum Internet hutt, da kënt dir och nach dës lescht Etapp maachen:

10. Fannt eraus, wien de Champion an der Rechtschreiwung ass. Kontrolléiert, ob all déi franséisch an däitsch Wieder richtig geschriwwen sinn. Huet e faarweg Bic, fir déi eventuell Feeler ze verbesseren. Hëllef fannt dir op folgenden Internetsäiten:

www.duden.de

www.larousse.fr

De Champion ass deen, deen déi mannste Feeler geschriwwen huet! Bravo!

Expertefro:

Wéi kann een Deeler vun der gebauter Welt kennzeechen, ouni Buschtawen ze benotzen an zwar esou, dass am Prinzip jiddereen et versteet, egal wéi eng Sprooch e schwätzt?



Äntwert op d'Expertefro:
Fir Deeler vun der gebauter Welt ze kennzeechen, ouni Buschtawen ze benotzen an esou, dass am Prinzip jiddereen et versteet, egal wéi eng Sprooch e schwätzt, ginn se symbolesch duergestallt. Si ginn op eng ganz einfach Art a Weis gezeechent. Esou eng Zeechnung nennt sech „Piktogramm“. Piktogrammer gi benotzt fir zum Beispill Noutausgänge, Toiletten, Träpen unzewisen.

gebaute
eis Welt
doheem

lëtzebuergesch	franséisch	däitsch	aner Sprooch

